ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

n° 3178

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. November 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister, d'Madamm Gesondheetsminister, d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Minister fir Gläichstellung tëscht Mann a Fra weiderzeleeden.

Den nationalen Zenter fir affektiv a sexuell Gesondheet (CESAS) huet eng Missioun, déi hie fir seng véier Tutellesministèren erfëllt, also fir den Educatiounsministère, de Gesondheets-ministère, de Familljeministère an de Ministère fir Gläichstellung tëscht Mann a Fra. D'Missioun ass, d'Approche vun enger affektiver a sexueller Gesondheet bekannt ze maachen. Si sollen dofir suergen, datt dës Approche duerch d'Informatioun, d'Formatioun an d'Sensibiliséierung promouvéiert gëtt. An deem Zesummenhang schaaft den CESAS e Reseau vun Acteuren, Kompetenzen a Ressourcen am Sënn vun dëser Approche.

D'Coordinatrice vum CESAS huet den 21. Oktober 2020 an engem Interview mam Radio 100komma7 gesot, den Zenter wier amgaang, mat de Ministèren en „Outil" auszeschaffen – grad och mam Educatiounsministère, well déi Jugendlech eng besonnesch wichteg Roll géinge spillen – mat deem ënner anerem d'Schoulpersonal fir dës Thematik soll sensibiliséiert ginn. Och mat der Uni Lëtzebuerg géing kollaboréiert ginn. Esou sollen d'Studenten am neie Medezinbachelor iwwert e Formatiounsprogramm fir dës Approche sensibiliséiert ginn, dëst en vue vun hirer Aarbecht als zukünfteg Dokteren.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eis erklären, wat genau deen Outil ass a wat dëse virgesäit? Wéi a wou iwwerall soll dësen Outil agesat ginn?
2. Wéi gesäit dëse Formatiounsprogramm fir Medezinstudente konkret aus? Aus wéi vill Coursë besteet dee Programm? Wien alles huet beim Ausschaffe vun dësem Formatiounsprogramm matgewierkt?

3. Wien hält dës Formatiounscoursen op der Uni Lëtzebuerg? Gehéiert dës Formatioun zum Flichtprogramm vun de Lëtzebuerger Medezinstudenten oder ass et eng Optioun?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, vun der Gesondheetsministesch a vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro Nr. 3178 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen**

**Ad 1)**

Am Januar 2019 ass den Nationalen Aktiounsplang fir d'Fërderung vun der affektiver a sexueller Gesondheet am Kader vum nationale Programm "Promotion de la Santé affective et sexuelle" a Kraaft getrueden. Dëse gouf – ënnert der Tutelle vum Gesondheetsministère – an Zesummenaarbecht mam Bildungsministère, mam Chancëgläichheetsministère a mam Familljeministère definéiert.

Am Kader vum viregten Nationalen Aktiounsplang 2013-2018, ass de CESAS (Centre national de Référence pour la Promotion de la Santé affective et sexuelle) an d'Liewe geruff ginn. Déi véier uewe genannte Ministèrë schaffen enk mam CESAS zesummen.

En internen Aarbechtsgrupp vum CESAS mat diversen ëffentlechen an associative Vertrieder (HIV-Berodung, Planning Familial, LGBTQ+ Centre CIGALE, APEMH, ECPAT a BEE SECURE) gouf déi zweet Editioun vum "Guide en matière de Santé affective et sexuelle des jeunes à destination des professionnel.le.s" ausgeschafft.

2015 gouf schonn eng éischt Editioun vun dësem Guide erstallt, an déi nei Editioun gouf den aktuelle gesellschaftleche Besoinen ugepasst.

D'Zil ass et, de Professionellen aus de Schoulen an de psycho-sozio-edukative Strukturen, déi direkt oder indirekt dësen Themeberäich mat Kanner an/oder Jugendleche behandelen, e prakteschen Outil ze bidden, deen am Alldag ka benotzt gi fir bei de Kanner a Jugendlechen e gesonden Ëmgang mat hirem Kierper, hiren Emotiounen an hirer Sexualitéit unzereegen an ze fërderen. Den Outil ass e Classeur mat eenzele Fichen, déi kënnen erausgeholl ginn an als Aarbechtsdokument kënne benotzt ginn. Ugefaange beim Mënsch a sengem Kierper, iwwert d'Léift an d'Sexualitéit, ginn och d'Verhütung, d'ISTen an déi sexuell Rechter ofgedeckt.

De Bildungsministère assuréiert d'Diffusioun an d'Distributioun vum Outil innerhalb vun all de Strukturen aus sengem Kompetenzberäich.

Dësen Outil gouf offiziell am Kader vun der Eréffnung vun der "Semaine de la Santé affective et sexuelle", de 7. Dezember 2020, virgestallt. De CESAS bitt 2021 Informatiounsseancë fir déi Professionell un, déi mam Guide wëlle schaffen.

**Ad 2 an 3)**

Am Kader vum Formatiounsprogramm vun der Universitéit Lëtzebuerg fir Medezinstudente gouf am Wantersemester 2019/2020 een Online-Seminaire vun enger Dauer vu 4 Stonnen organiséiert. Déi Responsabel vun der Medezinsformatioun op der Universitéit Lëtzebuerg an d'Representantë vum CESAS hu sech iwwer de Programm vun deem Seminaire concertéiert. Folgend Theme goufen an dëser Formatioun abordéiert: « plaisir et anatomie; violences, chemsex et consentement; infections sexuellement transmissibles et contraception ». Den Online-Seminaire war fakultativ, mee gouf de Studente recommandéiert. Een zweeten Online-Seminaire vun 3 Stonnen iwwert d'sexuell

Gesondheet huet de 4. Dezember 2020 stattfonnt a war fir d’Medezinstudente vum éischte Joer obligatoresch.

D’Universitéit Lëtzebuerg wäert dës Formatioun, déi bis elo nëmme virgesinn ass fir d’Medezinstudenten aus dem éischte Joer, weiderféieren, andeems se eventuell och de Studenten aus anere Formatiounen oder de Studenten aus dem zweeten oder drëtte Bachelorjoer am Kader vum Modüll iwwert déi transversal Kompetenzen ugebuede gëtt. Den Online-Seminaire gëtt gehale vu Mataarbechter vum CESAS, déi an deem Beräich spezialiséiert sinn.